N°4861
Reçue le 16.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.08.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Rezent gouf et vill Opreegung ëm en Zeitungsartikel, an deem e Policebeamten d'IGP (Inspection générale de la police) oppe kritiséiert. Et wär deemno esou, datt vill Policebeamte kaum nach Vertrauen an d'IGP hätten an sech och vun hir net gut behandelt géife fillen. Doropshin huet d'Madamm Generalinspekter an engem Zeitungsartikel vum 11. August op dës Virwërf reagéiert an se als net berechtegt a richteg duergestallt.

Et wär deemno ubruecht, en transparent Bild iwwert d'Situatioun ze kréien.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass sech den Här Minister de Spannunge bewosst, déi tëscht enger Rei Policebeamten oder vläicht och der Police als Ganzt an der IGP bestinn?
2. Wär et an den Ae vum Här Minister net elo ubruecht, en onofhängegen Audit vun der IGP ze organiséieren, fir eventuell Mëssstänn ze erkennen an ze behiewen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten